1-2018-0-1-5431-01 (n°2970)

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

**Dépôt: Gast Gibéryen**

Lëtzebuerg, de 18. Juni 2019

## Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten,

an der Suerg ëm Liewensqualitéit an Ëmwelt;

- ënnerstëtzt Projeten fir de Gréngewald als zesummenhänkende Bësch ze schützen;
- hëlt zur Kenntnes, datt am Avant-Projet zur Naturreserve „Gréngewald" eng Rëtsch Dispositioune sech op de „Chemin repris CR119" tëscht dem Stafelter an der Nationalstrooss 11 bezéien;
- schléisst aus dësen Dispositiounen, datt dës Deelstreck vum CR119 net méi soll als Stroosseverbindung ënnerhalen a méiglecherweis fir de Verkéier gespaart ginn;
- kennt anerersäits d'Wichtegkeet vun där Verbindung besonnesch fir d'Leit aus der Fiels an aus der Lënster Géigend an d'Wichtegkeet vun där Streck fir e gudde Verkéiersfloss besonnesch a Spëtzestonnen un;
- stellt fest, datt déi Streck och bei Noutasätz a bei néidegen Deviatioune vun der N11, verkéierstechnesch onbestreitbar wichteg ass;
- stellt fest, datt fir den Tram-Projet schonn een Deel vum Gréngewald huet misse geaffert ginn an datt am Avant-Projet wieder Ausname virgesi si fir den Tram respektiv d'Grande Voirie;
- ass iwwerzeegt, datt d'Späre vun dëser Streck gravéierend an ëmweltschiedlech Konsequenzen op de Verkéier huet, well d'Stauen dann op anere Stroossen nach méi grouss ginn;

<u>fuerdert d'Regierung op,</u>

besonnesch am Intressi vun de Leit aus dem Oste vum Land;

- den Avant-Projet zur Naturreserve Gréngewald elo schonn esou ze änneren, datt den CR11 9 als Stroosseverbindung tëscht dem Stafelter an der lechternacher Streck (N11) erhale bleift;
- all Dispositiounen, och beim Plange vu Stroossebau- an Infrastrukturaarbechten, ze huelen, fir datt d'Deelstéck vum CR119 tëscht dem Stafelter an der N11 och an Zukunft als sécher Verkéiersverbindung notzbar bleift.

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706